LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

**Äntfert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet, vum Här Jean Asselborn, Minister fir Aussenugeleeënheeten an Europa, a vum Minister François Bausch, Minister fir Verdeedegung, op d'parlamentaresch Fro n° 7103 vum 31. Oktober 2022 vum honorabelen Députéierten Marc Goergen**

**Ad Fro 1**

Der Regierung leien keng Informatiounen vir dass Waffeliwwerungen vun der lëtzebuerger Arméi vun enger Ofzweigung wéi se an der parlamentarescher Ufro beschriwwen ass, betraff kéinten sinn.

Et sief ze bemierken dass déi finnesch Police en offiziellen Dementi publizéiert huet op déi falsch Fakten, op déi sech d'parlementaresch Ufro deelweis baséiert.

**Ad Fro 2**

Et leien der Police keng Informatiounen vir, datt hei am Land esou Waffen opgetaucht wiren.

**Ad Fro 3**

Et leien der Police keng Informatiounen zu enger Verbindung vir.

Lëtzebuerg, den 1. Dezember 2022

Den Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX